



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6514 vum 20. Juli 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn an vum Här Deputéierten Claude Lamberty.

Ass et zu Lëtzebuerg och scho virkomm, dass sech Gleisen wéinst der Hëtzt verformt hunn?

Jo, dat kënt an der Moyenne ee Mol pro Joer vir.

Wéi geet d'CFL mat dësem Risiko, deen an den nächste Joere weider klamme wäert, ëm? Wéi eng Mesurë si virgesinn, fir z'evitéieren, dass Zich ausfalen, well se net méi op de Gleise fuere kënnen?

De Risiko vu Gleisverdréckungen a Gleisverwerfungen gëtt an de Eisebunns-Reglementer behandelt an et sinn eng Rei Mesurë virgesi fir deem entgéint ze wierken.

D'Schinne ginn esou verschweesst datt ee Gläichgewicht tëschent den Zochkräften bei nidderegen Temperaturen am Wanter an den Drockkräften bei héijen Temperaturen am Summer besteet. Niewent deenen normale Gleisbegehungen si wéinst den héijen Temperaturen zousätzlech Gleisbegehungen virgesi fir eventuell Schwachpunkte feststellen an ze behiewen. D'Iwwerwaachung vun de Schinntemperaturen geschitt digital mat Hëllef vu Festinstallatiounen déi iwwert de Réseau verdeelt sinn.

Bei der Erneuerung vun Gleise gi systematesch Bëttons-Schwellen agebaut well déi eng besser Stabilitéit garantéieren.

Inwéifern ass den Tramsreseau vum selwechte Risiko betroff? Wéi geet Luxtram mat dësem Risiko ëm?

Am Géigesaz zu den Schinnen beim Zuch (CFL), stinn d'Schinnen vum Tram op enger vegetalisierter oder mineralisierter Plattform. An dëser Konfiguratioun ass just déi iewescht Laaffläch vun der Schinn der Sonn ausgesat, d'Saiten vun de Schinnen ginn vum Belag verstoppt. Och d'Vitesse vum Tram a sengem urbanen Ëmfeld ass méi niddreg am Verglach zu där vum Zuch, sou datt Belaaschtung vun der Infrastruktur och méi kleng ass.

De Risiko vun enger Verformung vun der Schinn kann awer ni komplett ausgeschloss ginn.

Fir dëse Risiko op e Minimum ze reduzéieren, gëtt fir sämtlech Systemer eng präventiv Maintenance duerchgefouert.

Wéi eng aner Elementer vun der Mobilitéitsinfrastruktur kéinten duerch eng Hëtzwel sou staark belaascht ginn, dass se ausfale kéinten? Wéi gëtt sech op déi Eventualitéit preparéiert?“

En anert Element vun der Infrastruktur, déi duerch eng Hëtzwel kéint staark belaascht ginn ass d'Oberleitung. Iwwert Géigegewiichter gëtt si awer enger konstanter mechanesch Spannung ausgesetzt. Duerch Hëtzt an déi doraus folgender Dilatatioun kann awer d'Oberleitung geschwächt ginn.

Weiderhin stellen Energieversuergungssystemer ee Risiko duer. Dës sinn awer beispillsweis beim Tram gréisstendeels ënnerirdesch geluecht ginn a sinn domadder net vun enger Hëtzwel betraff.

Lëtzebuerg, de 25. August 2022.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch